ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An engem Interview mam Lëtzebuerger Land vum 21.01.2022 gëtt den Här Verkéiersminister follgendermoossen zitéiert: "*Wenn es mir gelingt, noch ein kleines Problem mit dem Umweltministerium zu lösen, könnte der Expressradweg entlang der A3 in zwei Jahren betriebsbereit sein*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren ëm wéi e "klenge Probleem" et sech hei handelt?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng zousätzlech Delaien an Zousazkäschten géifen entstoen, falls et dem Här Verkéiersminister net sollt geléngen, dëse "klenge Probleem ze léisen"? Kéint et zu Verzögerunge bei aneren ëffentleche Bauprojete féieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten